

## Mol kucken...

... wat dann elo bei deer **Stëmmerei iwver eist Wahlrecht** deen anere Mount erauskënnt. An der KLACK wäert dir ëmsoss no enger pro/contra-Positioun sichen; dat sief der politescher Säit iwverlooss. Jidderee soll seng Meinung iwver d'Stëmmrecht hunn, ower och e bëssen Argumenter, aplaz nëmmen aus dem Bauch eraus ze grommelen; jidderee soll deem aneren seng Opfaassung och respektéieren. **Mir halen eis Sprooch fir en Haapt-element bei deer ganzer Zermeeschtere**... an et war jo och eis „Actioun-Lëtzebuergesch“, déi ewell 1976 (!) kloer gesot huet, datt et net an der Rei wier, wa mir eisen auslännesche Leit keng schoulméisseg Geleeënheet giffe ginn, fir d'Sprooch vum Land ze léieren... am Fong eng Fro vun enger Zort Manéierlechkeet!



(Zeechnung: O. Jaminon)

Dat war ower **déi Zäit - vru 40 Joer! - vill méi séier gesot wéi gemaach**. Mir hunn et gemaach! „*We had a dream*“; den Dram guff Wierklechkeet... haut ass en erfëllt, an et mengt (ee Gléck) dësen an deen, hien hätt deen Dram „jo och“ gehat... weisen a beweisen! Wien sech de „Spaass“ wëllt erlaben, dee kann an der Press vun deemools bis haut kloer erausfannen, datt **eis Sprooch an deene leschte 40 Joer e Saz gemaach huet, dee keen hir zougetraut hätt**; dat guer net nëmmen a Schreiwereien a Gedichter oder esouguer „Literatur“... mä vrun allem bei de Leit, well besonnesch do – an der Praxis – war a bleibt et fir d'Lëtzebuergesch wichteg!

Et guff 1976 – wéi mir den **alleréischte Lëtzebuergesch-Cours um Lampertsbierg an deer „aler“ Europa-Schoul** ugefaang hunn – kengerlee kee Material fir Lëtzebuergesch ze léieren; keen Ennerdaach dofir ze fannen; Leit fir Coursen ze halen, huet ee mat deer stäerkster Lanter knapps fonnt... vu Bezuele gong keng Ried; mir hunn eisen „Hobby“ fir näischt gemaach... net mat „ëmsoss“ ze verwiesselen! Dat alles an nach eng Maandel voll Eenzelheete waren de Problem. Et hunn der och esouguer e sëllechen hiren Intellektbéischte-Käppchen iwver äis Dreemerte gerëselt. An haut?

**Äis gong et deemools guer net drëm, e „perfekt“ Lëtzebuergesch op d'Schoulbänk ze bréngen**. Mir wollten d'Äis brieden, Mënschen, déi aus deene verschiddensten Ursachen an eist Land komm sinn, eng Mëglechkeet bidden, sech hei manner kal ze fillen; well einfach war/ass dat net, an enger Gesellschaft, wou jiddereen sech mat „frieme“ Leit direkt an enger Sprooch ennerhält, déi si verstinn... nëmmen net an der Sprooch vum Land. Katastroph!

Wéi d'Nazien **1941** probéiert hunn, äis „Heim ins Reich“ ze lackelen, ze zéien, ze forcéieren, huet **vrun allem eis Sprooch eng Haaptroll** gespillt. Et misst emol méi an op méi Fassonge kuerz a kloer explizéiert ginn, ënnert watfir engen Ëmstänn d'Lëtzebuergesch deem Gauleiter-Gnom deemools „Nixdegibbi“ gesot hunn. „Gesot“? Neen. Däitlech mat hirem Numm uewendriwwer „3xNee“ geschriwwen („Volkszugehörigkeit“, Nationalitéit, Sprooch). Wann ee weess – mä wie „weess“ dann nach? – a watfir eng Geforen dat deemools konnt féieren, da kuckt een dat mat aneren Aen, villméi mat méi Verstand.

**Leider hunn eis Verantwortlech vun direkt nom Krich dat och net, oder falsch gekuckt**. Gewëss: Déi däitsch Sprooch ass (zäiteweis) an den Eck gedréckt ginn... wat net dat Giel vum Ee war; schued war vrun allem, datt just dunn eis Sprooch net als dat Element behandelt an installéiert ginn ass, wéi et sech den 10. Oktober 1941 gewisen hat. An der Verfassung vun 1947 stong da „schimmeg“, datt d'Gesetz de „Régime des langues“ giff regléieren... an domat hat et sech... bis 1984! Sou war eng Brems agehät, déi d'Entwécklung vum Lëtzebuergesch ronn 40 Joer laang gehënnert huet. Mir sinn haut méi wäit!

## Dann iwwersetzt emol...

*Si koume laanscht, ower mir waren net geriicht – deen do geet mir net – a wann s de net gees – fuer vijenzeg an net hannerzeg – deen hat d'Moule bannebaussen un – géff dech mat deem h... Gejäiz – d'Kett huet de Jos an der Riicht gehal – et war e sabbelegen Dag – dee Knéckjang ass schéi kuuschteg – dat ass e vermengtent Bëtschel – maach dech net esou – de Mett mécht e laange Leeër – ech hunn deem et emol ferm gesot – de Will huet eng flott Moss/Schécks, e flott Dickelchen – schlupp net wann s de ëss an do gees – looss mech goen – hal se zou – ech hunn deem de Wouer geblosen... bis eng aner Kéier.*

## Abeejo!

D'Lëtzebuergesch kann een dach schreiwe wéi ee wëllt... *Ech schreiwen dat, wéi ech et schwätzen... Mir hunn dat ni geléiert...* Majo dann! Datt et elo **well zënter 35, 40 Joer all gudde Broutdag Plakaten, Annoncen, Menüen... a kéipweis Bicher an eiser Sprooch** gëtt, dat misst dach och deem „allermannst-gescheiten“ Tutebatti schonn an d'Aen, wann net esouguer an de Verstand eragaang sinn... wann deen „doheem“ ass 😊. D'Uertschaft, de Veräin an den Numm vum Här SEKRETÄR guffen hei ewechgelooss; d'Original ass ower ze kréien.

No enger klenger Paus organisieren mir Dest Joer erem een Freijoersmaart. An do wollten mir ierch ganz leif froen op der Gewellt sidd ais ze enerstetzen **andeems dier ais eppes geift baaken fier an Kaffisstuff?**

Mee kennen och 2 Saachen sin 😊

× × × soen ierch am Fieraus schon een groussen Merci

An mir geifen ais freen wann da ais bis den 2. Abrell keint bescheed soen wivill an waat da Baakt 😊

Eis Adress fir Hëllef ze offréieren ass zënter 45 Joer bekannt. Bei allem Versteesdemech: dat hei kënnt een ower vir, wéi wann ee giff schreiwen: *Main Faather wahr aabe nischt damitt einferschtanden...* vum Franséischen net ze schwätzen, an un d'Englescht net ze denken. Wat dir dovun denkt/haalt, dat sief jidderengem iwverlooss... **laacht einfach mat...** an näischt fir onгутt 😊.

## Madame, mir hunn Iech gäer!

Dee schéine Saz kënnt dir um Monument „Charlotte“ an der Stad enne rondrëm de Sockel liesen. An enger feierlecher Sëtzung am „Cercle“ hat den deemolege Regierungs-Chef deen 1939 gebraucht... **d'Lëtzebuerg hu bei der Onofhängegkeetsfeier an der Angscht gelieft**... an sech an hire schrecklechste Joeren (1940-1945) un deem Gedanken ugepaakt! Niewebäi gesot: Et war an den 80er Joeren net einfach, fir als Organisationspresident d'Iddi vun deer Schrëft um Monument bei deenen Häre Spezialisten an Architekten duerchzesetzen; dat giff zevill „*monument pompier*“ maachen... an och nach op Lëtzebuergesch!

Sproochlech: Mir hu keng „direkt“ Iwwersetzung vu „*lieben, amare, aimer, to love*“. Mä dat wëllt guer a glat net heeschen, datt de Lëtzebuerg d'Léift net kennt... hien ass ower méi verhal dodran, net mat „verhuel“ ze verwiesselen. Wéi seet de Jong ower esou léif op der „Kiermes am Duerf“: ... *ech hunn dech gär, mir gi mar bei den Här...* naja, aner Zäiten. Am Lëtzebuergesch kann een d'Saach ower och zimlech hannerwänneg an de Contraire dréinen: Du kanns mech gär hunn 😊 *Tu peux m'aimer... you can love me?* Nixdegibbi!

## Schlauderjuckes?

Dëslescht hate mir bei genëssege Wäffelcher rieds vun der „Schlagsan“, mat deer een sech esou eng wonnerbar „Crèmeflütt“ kann opkéipen. Do huet eng Madämchen sech futti gelaacht, wéi si héieren huet, datt plazeweis(op der Musel) den Ausdrock „**Schlauderjuckes**“ fir de „**Klappschant**“ oder „**d'Klappram**“ giff gesot ginn.

Mä ass dann déi „*Schlagsahne*“ oder „*Crème fouettée*“ esou vill aneschtters oder vläicht besser? Och eng „*Chantilly*“ ass just als Numm vläicht méi glënnereg... an domat gëtt och gemengt, d'Fransousen hätten se erfonden; dat stëmmt net, well si kënnt duerch d'Medicis aus Italien! **Eis „Klappram“ oder de „Klappschant“ brauchen sech och net hannert dem éisträichesche „Schlagobers“, der englescher „whipped cream“, der italiéinescher „panna montata“ oder soss eppes ze verstoppen**. Klappschant oder Klappram misst am Fong duergoen; fir ze schmunze wier de Schlauderjuckes grad de Kotteng, oder?